N°8009
Entrée le 22.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.05.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2023

Här President,

Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

De 16. Mee 2023 war am "Le Quotidien" ze liesen, datt d'ASBL "DIGHSE", déi aus 200 Awunner vu Schëtter besteet, sech zënter Januar 2020 iwwer chaotesch Zoustänn beklot. Mat chaoteschen Zoustänn si Kaméidi, Schuedstoffer a visuell Belästegunge vun de Fligeren, déi iwwert Schëtter fléien, gemengt. Ee vun de Vertrieder vun der ASBL behaapt, datt de Fluchverkéier iwwert sengem Quartier vun "0 op 50 Iwwerflich pro Dag explodéiert" wier.

Den Här Mobilitéitsminister huet affirméiert, datt et zu dësen drastesche Verännerunge komm wär, well den däitsche militäresche Beräich TRA (temporary reserved airspace) Lauter sech an der Géigend am Oste vum Land befënnt. D'ASBL DIGHSE behaapt, si hätt bei der däitscher Botschaft an dem zoustännegen däitsche Ministerium ouni Erfolleg no Beweiser fir déi Erklärung gefrot. D'ANA (Administration de la Navigation Aérienne) avancéiert dann nach, datt d'Anhale vun EU-Virschrëften de Grond fir d'Verännerunge wieren. Een Noper vum Findel seet dogéint, datt de Grond fir déi drastesch Verännerungen eng Opfuerderung un d'Fluchgesellschafte wier, fir Kerosin ze spueren.

Et gëtt also zu engem Phenomen, dee *per se* net schéngt a Fro gezunn ze ginn, op d'mannst ganz ënnerschiddlech Erklärungen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Mobilitéitsminister gär dës Froe stellen:

1) Kéint den Här Mobilitéitsminister matdeelen, ob Kerosin-Aspuerunge fir Fligeren ugeuerdent goufen? Falls jo, wéi gëtt decidéiert, wéi eng Fligeren Aspuerunge maache mussen, a wéi gëtt decidéiert, wéi vill se aspuere mussen? Wéi eng Inzidenzen huet dat op d'Afluchschneisen?

2) Kann den Här Mobilitéitsminister dokumentéiert Erklärunge ginn, déi beleeën, datt d'Ariichte vun der TRA Lauter en Afloss op d'Fluchbeweegungen um Findel huet? Ass Lëtzebuerg vun Däitschland consultéiert ginn, ier dës Zon ageriicht gouf? Wa jo, wéi huet Lëtzebuerg sech positionéiert? Wann neen, wéi wëll déi Lëtzebuerger Regierung reagéieren?

3) Falls déi drastesch Verännerungen am Lëtzebuerger Loftraum zënter Januar 2020 duerch EU-Virschrëften entstane si sollten, kéint den Här Minister matdeelen, wéi eng Virschrëften dat genee sinn a wéi d'Lëtzebuerger Regierung sech an deem Beräich positionéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten